

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber



Lëtzebuerg, den 24. Dezember 2021

Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural, 8
Référence: 831/2021
27 DEC. 2021
A traiter par:
Copie

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum ~~Charte~~ Charte d'Organisatiounsreglement et virgesäit, bieden ech Iech dës parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

Am Bioaktiounsplang vun der Lëtzebuenger Regierung solle bis 2050 sämtlech landwirtschaftlech Ubaufächen biologesch bewirtschaft ginn. Bis 2025 sinn 20% vun der Fläch virgesinn. Dëst Joer louch den Taux bei grad emol 5,18%.

Am Lëtzebuenger Bauer vum 17. Dezember 2021 gouf d'Situatioun vun engem Mëlchbauer beschriwwen, deen op Bio ëmgestallt hat, méttlerweil awer nees op de konventionelle Betrib zréck komm ass. Seng Entscheedung fousst, sengen Aussoen no, um Ëmstand, dass e kee fonnt huet, dee seng Bio-Mëlch als solches ofgehall huet an och bezuelt hätt (opgrond vu feelende Kapazitéiten respektiv vum Net-Hierstellen vu Bio-Produkter duerch den « Abnehmer »).

Ech wéilt duerfir folgend Froen un den Här Landwirtschaftsminister stellen :

- Wéi huet d'Produktioun vu Mëlch, déi lescht 5 Joren evoluéiert ?
 - Wéi vill Kilo Bio-Mëlch goufen an deenen eenzele Jore produzéiert ? Wéi vill Kilo konventionell Mëlch waren dat ?
 - A wéi engem Verhältnis steet deemno d'Produktioun vu Bio-Mëlch par rapport zur Produktioun vu konventioneller Mëlch iwwe déi lescht Jore gekuckt ?
- Wéi huet de Präis vun der Bio-Mëlch an deen vun der konventioneller Mëlch, déi leschte 5 Joren evoluéiert ?

Mat déifstem Respekt,

Martine Hansen
Deputéiert



Äntwert vum Här Claude Haagen, Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n° 5433 vun der éierbaren Deputéiert Martine Hansen

- **Wéi huet d'Produktioun vu Mëllech déi lescht 5 Joren evoluéiert?**
 - **Wéi vill Kilo Bio-Mëllech goufen an deenen eenzele Jore produzéiert? Wéi vill Kilo konventionell Mëllech waren dat?**
 - **A wéi engem Verhältnis steet deemno d'Produktioun vu Bio-Mëllech par rapport zur Produktioun vu konventioneller Mëllech iwver déi lescht Jore gekuckt?**


D'Mëllechproduktioun ass säit 2016 vun 376.216.551 kg op 447.339.468 kg am Joer 2020 eropgaangen an dierft fir d'Joer 2021 an enger änlecher Gréisstenerdnung si wéi 2020.

D'Steigerung vun der Bio-Mëllech war an dësem Zäitraum wesentlech méi staark wéi déi vun der konventioneller Mëllech. Esou sinn am Joer 2016 ronn 3.188.081 kg Bio-Mëllech produzéiert ginn, wat zu dem Moment ronn 0,85% vun der ganzer Mëllechproduktioun zu Lëtzebuerg waren. Bis 2020 ass d'Bio-Mëllechproduktioun dunn op 5.655.332 kg eropgaangen, an dëst stellt 1,26% vun der ganzer Mëllechproduktioun vun 2020 duer. Dat war eng Steigerung vun der Bio-Mëllechproduktioun vun 177% par Rapport zu 2016 (2016=100%). Fir d'Joer 2021 gëtt sech eng änlech Mëllechproduktioun erwaart wéi 2020, an dat esou wuel fir d'Bio-Mëllech wéi och fir déi konventionell Mëllech.

- **Wéi huet de Präis vun der Bio-Mëllech an dee vun der konventioneller Mëllech déi leschte 5 Joren evoluéiert?**

Bis 2020 goufe just Informatiounen zum Mëllechpräis gesammelt, woubäi keen Ënnerschied gemaach gouf tëschent Bio-Mëllech a konventioneller Mëllech. Eréischt säit dem 1. Januar 2021 ginn elo genuch Informatiounen gesammelt, déi et erlaben, och de Präis fir Bio-Mëllech ze schätzen.

Am folgende Grafik ass d'Präisentwécklung vun Mëllechpräis vun 2016 bis November 2021 duergestallt, wéi och d'Präisentwécklung bei der Bio-Mëllech fir d'Joer 2021. Dëst ass den Duerchschnittspräis ouni TVA an € pro 100 kg Mëllech esou wéi en un déi lëtzebuurger Baueren ausbezuelte ginn ass.



Quell: SER.

Lëtzebuerg, den 19. Januar 2022

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung,

(s.) Claude HAAGEN